LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 11:48, 07/05/2020*

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 7 mai 2020

**Concerne**: Question parlementaire n° 2032 de Monsieur le Député Paul Galles au sujet des modalités d'évaluation à l'Université du Luxembourg.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2032 de Monsieur le Député Paul Galles au sujet des modalités d'évaluation à l'Université du Luxembourg.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Claude MEISCH
Ministre de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

18-20, montée de la Pétrusse
L 2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247 85206
Fax (+352) 40 66 98
www.mesr.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 2032 vum honorabelen Deputéierten Paul Galles iwwert d'Modalitéite vun der Evaluatioun op der Universitéit Lëtzebuerg.**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierten seng Froe mat dëse Präzisiounen.

D'Universitéit Lëtzebuerg huet säit Ufank Abrëll, a Concertatioun mam Héichschoulministère, eng Adaptatioun vum Studiereglement un déi aktuell Krisesituatioun ausgeschafft, wou eng Rei Dispositioune betreffend d'Evaluatioun an d'Progressioun vun de Studente fir d'Summersemester 2019/20 ugepasst goufen. Dat gëllt fir déi Studente vun der Universitéit Lëtzebuerg, déi am Summersemester 2019/20 ageschriwwe sinn an déi sech fir d'Wantersemester 2020/21 nees aschreiwen. Esou soll verhënnert ginn, dass Studente vun der Universitéit Lëtzebuerg duerch déi exzeptionell Ëmstänn bedéngt duerch d'Coronakris benodeelegt ginn oder am schlëmmste Fall aus dem Studieprogramm ausgeschloss géifen. De Paragraf 8 vum Artikel 36 vum Gesetz vum 27. Juni 2018 gesäit fir verschidde Fäll, déi am Studiereglement präziséiert ginn, eng Suspensioun vun de Studie vir. Dës Mesure erlaabt et den uewen definéierte Studenten, déi net déi néideg ECTS-Kreditter erreecht hunn oder déi d'maximal Zuel vun Examen oder Studiesemester ausgeschöpft hunn, net aus dem Studieprogramm ausgeschloss ze ginn a sech am Wantersemester 2020/21 nees aschreiwen ze kënnen.

D'Universitéit Lëtzebuerg huet dës exzeptionell Adaptatiounen hire Studenten den 10. Abrëll matgedeelt, an de conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg huet de 24. Abrëll d'Ännerungen am Studiereglement ugeholl, déi ech de 5. Mee approuvéiert hunn.

Wat d'Fro vun de Studente a prekäre Verhältnesser ubelaangt, wëll ech drop hiweisen, dass d'Studiebäihëllefe vum Héichschoulministère fir d'Summersemester 2019/20 normal an zäitno ausbezuelt goufen. Zousätzlech fir d'Studenten, déi net an de Genoss vun den Aides financières kommen, hu mir mat der Universitéit Lëtzebuerg eng järlech Conventioun an Héicht vun 420.000 Euro (Budgetsartikel 03.2.41.012) ofgeschloss, déi et erméiglecht, Studente vun der Universitéit Lëtzebuerg, déi a prekäre Verhältnesser liewen, finanziell ze ënnerstëtzen. D'Universitéit Lëtzebuerg huet och vu verschiddene Fondatioune fir d'Summersemester 2019/20 zousätzlech iwwer 200.000 Euro erhalen, fir Studenten ze hëllefen, déi an enger schwiereger Situatioun sinn.